



SPROOCH A LITERATUR ZU LËTZEBUERG

ABLECKER AN DEI AKTUELL FUERSCHUNG VUM
INSTITUT FIR LUXEMBURGISTIK

Organiséiert an Zesummenaarbecht mam Institut fir lëtzebuergesch
Sprooch- a Literaturwëssenschaft vun der Universiteit Lëtzebuerg

MÉINDEG 16. OKTOBER UM 19 AUER
ZWEESPROOCHEG, DRÄISPROOCHEG ... WIE BITT MÉI?
FERNAND FEHLEN

MÉINDEG 06. NOVEMBER UM 19 AUER
**DISKURS-FIGUREN: WÉI POLITIK AN ËFFENTLECHKEET IWWER
SPROOCH SCHWÄTZEN**
CHRISTOPH PURSCHKE

MÉINDEG 27. NOVEMBER UM 19 AUER
WÉI SCHREIFT EEN ENG AKTUELL LËTZEBUERGER GRAMMAIRE?
CAROLINE DÖHMER

MÉINDEG 18 DEZEMBER UM 19 AUER
DE VARIATIOUNSATLAS VUM LËTZEBUERGESCHEN
PETER GILLES

MÉINDEG 15. JANUAR UM 19 AUER
DIGITAL JUGENDKOMMUNIKATIOUN ZU LËTZEBUERG
MELISSA MUJKIĆ

MÉINDEG 26. FEBRUAR UM 19 AUER
DAVID A GOLIATH: KLENG WELTLITERATUR LËTZEBUERG?
COSIMO D. SUGLIA

MÉINDEG 25. MÄERZ UM 19 AUER
**SPROOCHASTELLUNGE VU GRENZGÄNGER*INNEN
ZU LËTZEBUERG**
LOU PEPIN

MÉINDEG 22. ABRËLL UM 19 AUER
SPROOCHPOLITIK ZU LËTZEBUERG
MELANIE WAGNER

MÉINDEG 13. MEE UM 19 AUER
CODE-SWITCHING AM LËTZEBUERGESCHEN
JACQUES SPEDENER

MÉINDEG 10. JUNI UM 19 AUER
LËTZEBUERGER LITERATUR AM ËFFENTLECHE RAUM
JEANNE E. GLESENER

MÉINDEG
16. OKTOBER
UM 19 AUER
FERNAND FEHLEN

ZWEESPROOCHEG, DRÄISPROOCHEG ...
WIE BITT MÉI?
BILINGUE, TRILINGUE...
QUI DIT MIEUX ?

Den 1. Juli 2023 gëtt d'Lëtzebuergesch a gläichzäiteg och d'Dräisproochegkeet an d'Verfassung ageschriwwen. De Virtrag erzielt dee laange Wee vun 1839, wéi dee franséischsproochegen Deel vum Grand-Duché eng belsch Provënz ginn ass, bis haut. Firwat ass d'Gläichberechtigung vum Franséischen a vum Däitschen, wéi se säit 1848 an der Verfassung stoung, no 100 Joer nees ofgeschaf ginn? Firwat ass d'Dräisproochegkeet, wéi se elo an der Verfassung steet, eigentlech scho vun der Realitéit iwwerholl?

Le 1er juillet 2023, avec l'entrée en vigueur de la Constitution révisée, la langue luxembourgeoise et le trilinguisme seront inscrits dans la Constitution. Cette avancée marque un long chemin parcouru depuis 1839, lorsque la partie francophone du Grand-Duché est devenue la province belge que nous connaissons aujourd'hui. Pourquoi l'égalité du français et de l'allemand, telle qu'elle était inscrite dans la Constitution depuis 1848, a-t-elle été supprimée après 100 ans ? Pourquoi le multilinguisme, tel qu'il est désormais inscrit dans la Constitution, est-il déjà dépassé par la réalité ?

MÉINDEG
06. NOVEMBER
UM 19 AUER

CHRISTOPH
PURSCHKE

DISKURS-FIGUREN: WÉI POLITIK
AN ËFFENTLECHKEET IWWER SPROOCH
SCHWÄTZEN
FIGURES DE DISCOURS : COMMENT
LA POLITIQUE ET L'OPINION PUBLIQUE
ABORDENT LA QUESTION DE LA LANGUE

D'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg ass ëmmer erëm ee prominente Sujet an der ëffentlecher Diskussioun, sief et am Kader vu Berichterstattung an de Medien, politesche Promotiounscampagnen oder privaten Diskussiounen an de soziale Medien. Oft gëtt an dese Kontexter net just iwwer d'Sproochen am Land geschwat, mee och iwwer Integratioun, Wirtschaftswesstem oder eng national Identitéit. Op der Basis vu Beispiller aus deene leschten 10 Jore gëtt an deem Virtrag gewisen, wéi ee kann esou Diskussiounen linguistesch analyséieren, wat fir zentral sproochlech Biller d'Sproochendiskussioun strukturéieren a wat dat iwwer dat kulturellt Selbstverständnis zu Lëtzebuerg ausseet.

La situation linguistique au Luxembourg est toujours un sujet prédominant dans le débat public, que ce soit dans le cadre des reportages médiatiques, des campagnes de promotion politique ou des discussions privées sur les médias sociaux. Souvent, dans ces contextes, il n'est pas seulement question des langues du pays, mais aussi d'intégration, de système économique ou encore d'identité nationale. À partir d'exemples des dix dernières années, cette conférence montre comment on peut analyser linguistiquement ces discussions, quelles images linguistiques centrales structurent le débat sur les langues et ce que cela révèle sur la compréhension culturelle de soi au Luxembourg.

MÉINDEG
27. NOVEMBER
UM 19 AUER
CAROLINE DÖHMER

WÉI SCHREIFT EEN ENG AKTUELL
LËTZEBUERGER GRAMMAIRE?
COMMENT RÉDIGE-T-ON UNE GRAMMAIRE
LUXEMBOURGEOISE ACTUELLE ?

Eng Grammaire ass eng Textzort, mat där déi meescht Leit just dann a Kontakt kommen, wann se eng nei Sprooch léieren. Dëse Virtrag dréit sech ëm den Opbau vun enger grammatescher Beschreibung vum Lëtzebuergeschen – mat ganz ville lëtzebuergesche Beispiller a Kuriositéiten. Dobäi soll gekuckt ginn, wat an deene leschten 150 Joer publizéiert gouf, wéi ee sech hautzudaags mat grammatesche Phenomeener auserneeetzt an op wéi eng Sourcen een dofir zeréckgräift.

La grammaire est un type de texte avec lequel la plupart des gens entrent en contact uniquement lorsqu'ils apprennent une nouvelle langue. Cette conférence porte sur la construction d'une description grammaticale du luxembourgeois, avec de nombreux exemples et curiosités luxembourgeoises. On examinera ce qui a été publié au cours des 150 dernières années, comment on aborde aujourd'hui les phénomènes grammaticaux et quelles sources sont utilisées à cette fin.

MÉINDEG
18. DEZEMBER
UM 19 AUER
PETER GILLES

DE VARIATIOUNSATLAS VUM
LËTZEBUERGESCHEN
L'ATLAS DE VARIATION DU LUXEMBOURGEOIS

Am Virtrag gëtt en neien Atlas vum Lëtzebuergesche presentéiert, an deem d'Variatioun am Vierdergrond steet: Wéi manifestéieren sech z.B. d'Dialekter am Land? D'Variatioun vum Lëtzebuergeschen haut ass awer net nëmmen op regional Facteuren zeréckzeféieren. De Virtrag geet och drop an, wéi sech de Kontakt mam Däitschen a Franséischen auswierkt.

Cette conférence introduit un nouvel atlas du luxembourgeois qui met en avant la variation : comment se manifestent, par exemple, les dialectes dans le pays ? Cependant, la variation du luxembourgeois aujourd'hui ne peut être uniquement attribuée à des facteurs régionaux. La présentation aborde également l'impact du contact avec l'allemand et le français.

MÉINDEG
15. JANUAR
UM 19 AUER
MELISSA MUJKIĆ

DIGITAL JUGENDKOMMUNIKATIOUN
ZU LËTZEBUERG
LA COMMUNICATION NUMERIQUE
DES JEUNES AU LUXEMBOURG

Dëse Virtrag gëtt éischtlécker an d'digital Jugendkommunikatioun zu Lëtzebuerg. Unhand vun engem selwer opgebaute WhatsApp-Korpus gëtt déi aktuell Jugendsprooch erfuerscht. Dobäi ginn ënnerschiddlech linguistesche Gebrauchsmuster korpusbaséiert analyséiert, dorënner Variatiounsstrukturen, kreativ an innovativ Schreifregësteren, potenziell Jugendwieder avm.

Cette conférence offre un premier aperçu de la communication numérique des jeunes au Luxembourg. À partir d'un corpus WhatsApp construit en interne, la langue actuelle des jeunes est explorée. Différents schémas linguistiques sont analysés à partir de ce corpus, notamment les structures de variation, les registres d'écriture créatifs et innovants, ainsi que les mots potentiellement utilisés par les jeunes.

MÉINDEG
26. FEBRUAR
UM 19 AUER
COSIMO D. SUGLIA

**DAVID A GOLIATH: KLENG WELTLITERATUR
LËTZEBUERG?**
*DAVID ET GOLIATH : LA PETITE LITTÉRATURE
LUXEMBOURGEOISE DANS LE MONDE LITTÉRAIRE ?*

D'Weltliteratur gëtt duerch Literaturen definéiert, déi ausserhalb vun hire Grenzen zirkuléieren. Am Verglach mat anere klengere Literature géif sech duerch déi scho bal kosmopolitesch sproochlech Situatioun d'Lëtzebuurger Literatur an der Weltliteratur gutt maachen, oder éischer net? Dëse Virtrag positionéiert den zäitgenëssesche Lëtzebuurger Roman an d'Feld vun der Weltliteratur a geheit esou nei Froen am Bezuch zu dëser op.

La littérature mondiale est définie par les littératures qui circulent au-delà de leurs frontières. En comparaison avec d'autres littératures de petite taille, la littérature luxembourgeoise pourrait-elle se distinguer dans la littérature mondiale grâce à sa situation linguistique presque déjà cosmopolite ? Ce discours positionne le roman contemporain luxembourgeois dans le domaine de la littérature mondiale et soulève ainsi de nouvelles questions à cet égard.

MÉINDEG
25. MÄERZ
UM 19 AUER
LOU PEPIN

**SPROOCHASTELLUNG VU
GRENZGÄNGER*INNEN ZU LËTZEBUERG**
PERCEPTIONS LINGUISTIQUES DES
FRONTALIERS AU LUXEMBOURG

All Dag pendelen ëm déi 200.000 Grenzgänger*innen aus der Groussregioun op Lëtzebuerg fir ze schaffen. Dobäi spillt Sprooch an der alldeeglecher Kommunikatioun a fir tëschemënschlech Bezéiungen eng wichteg Roll. Et stellt sech net nëmmen d'Fro, wéi Grenzgänger*innen déi eenzel Sproochen, mee och eis méisproocheg Gesellschaft an de sproochlechen Ëmgang mat hinne wouerhuelen. Dëse Virtrag belicht de Phänomeen Sproochstellungen an hir sozial Relevanz. Donieft ginn éischt Resultater aus Lëtzebuerg virgestallt.

Chaque jour, environ 200 000 frontaliers de la Grande Région se rendent au Luxembourg pour travailler. La langue joue un rôle important dans la communication quotidienne et dans les relations interpersonnelles. Il ne s'agit pas seulement de savoir comment les frontaliers abordent les différentes langues, mais aussi de comprendre notre société plurilingue et la manière dont nous interagissons linguistiquement avec eux. Cette conférence met en lumière les phénomènes de représentations linguistiques et leur pertinence sociale. En outre seront présentés des premiers résultats de recherches menées au Luxembourg.

MÉINDEG
22. ABRËLL
UM 19 AUER
MELANIE WAGNER

SPROOCHPOLITIK ZU LËTZEBUERG
POLITIQUE LINGUISTIQUE AU LUXEMBOURG

D'Sproochpolitik zu Lëtzebuerg ass e Sujet, deen ëmmer erëm op sëllege Plazen a vun de verschiddensten Acteuren diskutéiert gëtt. Déi méisproocheg Situatioun zu Lëtzebuerg féiert dozou, datt de Sproochgebrauch an den ënnerschiddlechste Beräicher, sief et op der Schaff, der Schoul, de Medien oder souguer doheem, gereegelt gëtt. Dëse Virtrag belicht verschidde Facettë vu Sproochpolitik zu Lëtzebuerg a weist, wéi erfollegräich oder och net dës ka sinn.

La politique linguistique au Luxembourg est un sujet qui est constamment débattu sur la scène politique et par différents acteurs. La situation plurilingue au Luxembourg entraîne une réglementation de l'usage des langues dans divers domaines tels que le travail, l'éducation, les médias et même à domicile. Cette conférence met en lumière différentes facettes de la politique linguistique au Luxembourg et montre à quel point elles peuvent être couronnées de succès ou non.

MÉINDEG
13. MEE
UM 19 AUER

JACQUES SPEDENER

CODE-SWITCHING AM LËTZEBUERGESCHEN *CODE-SWITCHING EN LUXEMBOURGEOIS*

Lëtzebuerg zeechent sech duerch eng historiesch gewuesse Méisproochegkeet aus. Dëst féiert dozou, datt Spriecher*innen an hirer Kommunikatioun méi ewéi eng Sprooch benotzen a souguer an engem Gespréich tëscht méi Sproochen hin- an hierwiessle kënnen, wat an der Sproochwëssenschaft ëfters als Code-Switching bezeechent gëtt. Meng Presentatioun, déi besonnesch computermediéiert Kommunikatioun betruecht, konzentréiert sech op dräi W-Froen: Wéi, wéini a wou gëtt Code-Switching vu lëtzebuergesche Spriecher*inne benotzt?

Au Luxembourg un certain multilinguisme s'est établi historiquement. Cela signifie que les locuteurs utilisent plus d'une langue dans leur communication, et peuvent même alterner entre plusieurs langues au cours d'une conversation, ce qui est souvent appelé code-switching en sciences linguistiques. Cette conférence, qui se concentre particulièrement sur la communication médiée par ordinateur, aborde trois questions fondamentales : comment, quand et où le code-switching est-il utilisé par les locuteurs luxembourgeois ?

MÉINDEG
10. JUNI
UM 19 AUER

JEANNE E. GLESENER

LËTZEBUERGER LITERATUR **AM ËFFENTLECHE RAUM** *LA LITTÉRATURE LUXEMBOURGEOISE* *DANS L'ESPACE PUBLIC*

D'Presenz vun der Literatur am ëffentleche Raum seet vill iwwert hir Plaz an der Gesellschaft aus. Grad fir d'Lëtzebuurger Literatur, déi beim grouse Public manner bekannt ass, stellt sech d'Fro, wat fir eng Roll a Funktioun hir am ëffentleche Raum zougeschriwwen gëtt. An engem Tour duerch d'Lëtzebuurger Literatur zënter dem 20. Joerhonnert wäerte mir äis dës Bezéiung méi genau ukucken. An engem weidere Schratt wäerte mir op den Engagement vun der Literatur géint d'Zerstéierung vun historiesch wichtege Bauten am ëffentleche Raum agoen.

La présence de la littérature dans l'espace public en dit long sur sa place dans la société. Surtout pour la littérature luxembourgeoise, moins connue du grand public, se pose la question de son rôle et de sa fonction dans l'espace public. Lors d'un tour à travers la littérature luxembourgeoise depuis le 20e siècle, nous examinerons de plus près cette relation. Ensuite, nous aborderons l'engagement de la littérature contre la destruction de bâtiments historiquement importants dans l'espace public.

INFOS & TICKETS

LANGUE : LU

avec traduction simultanée en FR sur demande préalable, au plus tard 3 jours avant la conférence

TARIFS

Cycle complet

Tarif normal	110€
Tarif jeunes	55€

Séance

Tarif normal	11€
Tarif jeunes	5,50€

FORMATION ADULTE

Les participant-e-s peuvent s'inscrire à l'année dans le cadre de la formation des adultes et peuvent ainsi obtenir, avec un taux de présence minimum de 70 % (soit 7 séances), un certificat de participation établi par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (inscription possible sur place lors des 3 premières conférences).

Un nombre limité de places est réservé aux enseignant-e-s. Les enseignant-e-s inscrit-e-s via l'IFEN recevront un certificat de participation de l'IFEN.

Ces inscriptions sont facultatives et les conférences peuvent évidemment être suivies individuellement et sans inscription à une formation continue.

VENTE BILLETS

- À la billetterie du CAPE (ouverte mardi, mercredi et vendredi de 14h à 18h)
 - Par téléphone (pour les billets au détail uniquement) au (+352) 2681 2681
 - À la caisse du soir: la billetterie est ouverte 45 minutes avant le début de chaque représentation (billets du spectacle du soir uniquement)
 - Aux points de ventes de Luxembourg Ticket
 - En ligne 24h/24h sur www.cape.lu ou par courrier électronique à l'adresse tickets@cape.lu (la réception du message vous sera confirmée)
-

INFOS & RÉSERVATIONS

2681 2681
WWW.CAPE.LU



CENTRE
DES ARTS
PLURIELS
ETTELBRUCK


Ettelbréck
VILLE D'ETTELBRUCK



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

 LUXEM
BURGISTIK